



Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de Monsieur le ministre de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, Serge Wilmes, et de Madame la ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, à la question parlementaire n°505 du 20 mars 2024 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet des capacités des SuperChargy

D'Bedriewer vu Chargy a SuperChargy Bornen hunn op Nofro hi bestätegt, datt all d'SuperChargy Schnellluedstatiounen déi Leeschtung kënnen garantéieren déi op de Borne ugewise gëtt. Déi aktuell eenzeg Ausnam ass d'SuperChargy Statioun bei der Dikrecher Gare, déi wéinst engem Chantier an der Installatioun vun engem neien Traffo temporär gedrosselt ass.

D'Creos huet derfir gesuergt, datt op all Site genuch Leeschtung zur Verfügung steet fir SuperChargy Bornen gläichzäiteg mat voller Leeschtung ze bedriewen.

Wat aner Schnellluedstatiounen ubelaangt, déi vu staatleche Subventiounen profitéieren, gëtt fir d'Berechnung vum Subsid déi Leeschtung consideréiert déi d'Statioun reell kann eng Stonn laang ofginn.

De limitéierende Facteur beim Lueden op Schnellluedstatiounen ass an deene meeschte Fäll den Auto. Vill Schnellluedstatiounen bréngen hier maximal Leeschtung nëmme bei Autoe mat enger Onboardspannung vun 800 Volt. Déi effektiv Luedleeschtung ass och ofhängeg dervu wéi voll a wéi waarm d'Batterie ass, währenddeem den Auto geluede gëtt.

An all Chargy wéi och all SuperChargy Bornen si geeichten Compteuren verbaut, déi vun enger Autoritéit gepréift sinn.

Luxembourg, le 23/04/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles